adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Fréiseng, de 6. Juli 2020

Här President,

nodeem ech elo schonn 31 Joer an der Chamber sinn an d'lescht Woch d'Chance hat, meng 70 Joer kënnen ze feieren, ass elo den Zäitpunkt komm, fir eng nei Liewensetapp unzefänken, nämlech d'Pensioun.

Dofir wëll ech lech mat dësem Schreiwes meng Demissioun als Deputéierten areechen, déi dënschdes, den 13. Oktober 2020, a Kraaft trëtt. Dësen Dag ass d'Rentrée parlementaire, den éischten Dag vun der neier Sessioun a mäi leschte Chamberdag.

Et war fir mech eng grouss Éier a Freed iwwer all déi Joren un der parlamentarescher Aarbecht deelzehuelen, an ech wënschen lech perséinlech, an alle Kolleeginnen a Kolleegen, alles Guddes a Satisfaktioun fir d'Zukunft.

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten